N°6952
Entrée le 03.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Ufro n°6952 vum 3. Oktober 2022 vun den honorabelen Deputéierten Sven Clement a Marc Goergen iwwer „Déclarations d'impôts des entreprises„

An hierer parlamentarescher Ufro stellen déi honorabel Deputéiert Froen, déi d'Steierscholde vun Entreprisë vis-à-vis vun der Steierverwaltung betreffen.

Stand Enn September 2022 ware 15,77 Prozent (7 778 Dossieren) vun den Akommessteiererklärunge vun den Entreprisë vum Steierjoer 2019 nach net besteiert. Fir d'Joren 2018 läit den Taux bei 3,44 Prozent (1 943 Dossieren) an 2017 bei 0,06 Prozent (45 Dossieren). Et ass an dësem Kontext ervirzehiewen, datt sech dës net-clôturéiert Dossieren zesummesetzen aus Deklaratiounen, déi nach net eragereecht gi sinn, kierzlech oder mat vill Retard vum Contribuabel agereecht goufen, oder sech awer an der Instruktiounsphas befannen.

Pro Joer ensteet am Duerchschnëtt bei approximativ 5 800 Besteierungen eng Steierschold déi méi héich wéi 50 000 Euro ass, dëst virun Ofzéie vun eventuell geleeschten Avancen.

Bei 429 Besteierungen aus deene leschte 5 Joer wou d'Steierschold méi héich wéi 50 000 Euro war, ass en Délai de Paiement accordéiert ginn.

All Contribuabel huet d'Méiglechkeet no enger Besteierung, a virun der Echeance vun dëser Besteierung, duerch eng motivéiert Demande, en Delai de Paiement ouni Zënsen (Delai de Paiement bis zu 4 Méint) oder en Delai de Paiement mat reduzéierten Zënsen (Delai de Paiement tëschent 5 Méint an 12 Méint: 0,1 Prozent pro Mount oder Delai de Paiement tëschent 13 Méint bis 3 Joer: 0,2 Prozent pro Mount) beim Steierbüro unzefroen. D'Héicht vun den Zënsen, déi pro Mount berechent ginn hänkt also vun der Lafzäit vum Delai de Paiement of.

Lëtzebuerg, den 3. November 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes